

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01. Mäerz 2021


Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Ewéi rezent bekannt gouf, wëllen de Lëtzebuenger Staat, d'Société nationale de crédit et d'investissement“ (SNCI) an d'Spuerkeess hire gemeinsamen Undeel un enger grousser lëtzebuenger Firma am Industrieberäich, vun iwwert 40 Prozent un déi däitsch Mammegesellschaft vun deem Betrib verkafen. Et muss een an deem Kontext wëssen, datt d'Mammegesellschaft aktuell an enger Kris ass. Eleng an Däitschland gëtt schon envisagéiert, bis zu 1.200 Aarbechtsplazen ofzebauen. Iwwert den Impakt vun dëser Kris op Lëtzebuenger Aarbechtsplaze kann een de Moment just spekuléieren. Obwuel hei schon eng parlamentaresch Fro gestallt an deelweis beäntwert gouf, wëll ech vum Här Wirtschaftsminister weider Prezisiounen zu deem Thema a besonnesch zu dëse Froen:

1. Wéi ee Montant ergëtt sech aus dësem gemeinsame Verkaf vun den Undeeler vun iwwer 40 Prozent un där Firma?
2. Wéi gedenkt d'Regierung, dëse Montant ze placéieren, respektiv, ze investéieren? Gëtt dëse Montant genotzt fir Staatsscholden ze rembourséieren?
3. Op Terrainen vun der beträffender Firma zu Lëtzebuerg leeft grad e gréisseren Immobiliëprojet. Wéi grouss ass de Benefice, deen hei viru Steieren entsteet?
4. Gouf dësem Ëmstand vun de Gewënner beim Immobiliëprojet beim Verkafspräis vun där 40prozenteger Bedeelegung Rechnung gedroen? Oder hat ëmgedrëint d'wirtschaftlech Kris vun der Mammegesellschaft en negativen Afloss op d'Héicht vum Verkafspräis?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten